Fësch aus Lëtzebuerg

Zesummegestallt vum: WEYLAND Nico weylandn@pt.lu / NEUMANN René rene@neumann.lu / THILL Lucien lucien.thill@lu.coditel.net / / März 07

©Baachfrell



LU: Baachfrell
DE: Bachforelle
FR: Truite de rivière
LT: Salmo trutta forma fario
Gréisst : 30 - 60 cm souguer bis iwwert 1 m
Gewiicht: normal 0.5 - 2 kg , max. bis 15 - 18 kg
Kierper: De Réck ass donkelolivgréng mat schwarzen Punkten an d'Säiten sinn goldgiel mat rouden Punkten. Dës Faarwen kënnen sech dem Hannergrond upassen, sou dass Tarnung perfekt ass.
Standuert: Am léifsten ass d'Baachfrell a kloëren, kaalen, sauerstoffräichen fléissenden Gewässer. Si verstoppt sech gär ënnert ënnerspullten Wurzelen, Gestrëpp wat iwwerhänkt oder hannert décken Steng.
Ernährung: D'Baachfrell ass en Allesfrësser, Wierm, kleng Kriibsen, Schleeken, Insektenlarven asw.. Grouss Frellen friessen am léifsten kleng Fësch, Freschen a Kriibsen.
Läichzäit: November bis Mee
Schounzäit Grenzgewässer Musel a Sauer: 01.10 – 14.06 **Schounzäit Grenzgewässer Our:** 01.10 – 31.03 (An der Our vun der Dasbuergerbréck ass de Fang vun de Bachforellen schons vum 1. August un verbueden (wéint dem Perelmuschelschutz) **Schounzäit Binnengewässer:** 01.10 – 31.03
Fëschmooss Grenzgewässer: 25 cm **Fëschmooss Binnengewässer:** 25 cm **Fëschmooss an de verpachte Gewässer:** 20 cm **Fëschmooss am Stausee vun Esch-Sauer:** 30 cm
Indikatiounen ouni Garantie